

Dem Schüler säin Guide

1. Mat deenen aneren:

- Ech soe "Moien"," Äddi"," Merci"," Wann ech gelift" a "Pardon"
- Ech vernennen a beleidege keen
- Ech doe kengem wéi
- Ech passen op deenen aneren hier Saachen op, ech huelen se nëmmen wann den aneren averstanen ass
- Ech soen engem Erwuessene Bescheed, wann een anere wéigedoe kritt an dat ass net geklaapt.
- All erwuesse Persoun an der Schoul ass fir mech do, ech hale mech un sie wann ech Hëllef brauch an ech maache wat si soen.
- Ech versichen ze hëllefen, wann een Hëllef brauch



2. Am Schoulgebai

- Ech gi lues bei meng Klass an genau esou lues och fir an d'Paus oder fir heem.
- Ech komme matzäit a mäi Sall
- Ech droe mä Ball an all aner Spillsaachen
- Ech passen op datt op mengem Wee duerch d'Gebai näischt futti geet
- Ech probéieren an der Schoul keen onnéidege Kaméidi ze maachen
- Ech spillen net an der Toilette a loossen se propper.
- Mäin Handy bleift am Schoulsak an all aner elektronesch Geräter loossen ech doheem
- Ech brénge keng geféierlech Saache wéi Briquet, Fixfeier, oder Messer an aner spatz a schaarf Géigenstänn mat an d'Schoul
- Meng Bijouen a meng Sue sinn doheem am beschte versuergt

3. Am Schoulhaff

- Ech gi mäi Skateboard um 7:50 an um 13:50 beim Luc of.
- Ech hëllefe mat oppassen, datt Méindes, Mëttwochs an Freides tëscht 7:50 an 16:10, an Dënschdes an Donneschdes tëscht 7:50 an 12:20 kee mat Velo, Trottinette, Kickboard, Skateboard… am Schoulhaff fiert. Dëst gëllt fir Schüler a fir Erwuessener, awer nët an de Vakanzen.
- Ech bleiwe bannent de Grenze vum Schoulhaff
- Ech brénge kee Gedrénks a Béchse mat, a geheie mäin Offall an den Drecksback.
- Ech gi virsiichteg mat Planzen an Déieren ëm
- Ech schéisse mat näischt op aner Kanner
- Op der Schaukel gett wéinst der Quëtschgefor net gedréit
- Ech hale mech un de Roulement vum Ministade
- Ech ginn ëmmer an d'Paus ausser een Erwuessene gëtt mir d'Erlaabnis dobannen ze bleiwen.
- Ech halen mech un d'Reegelenter op der Rutschbahn.
  Wann d'Stoppschëld do steet ginn ech net dropp.